


Capellen, den 14.09.2015

## Merçi, Monsieur Pol



Noruff fir den Professor-Architekt Pol Stanzeleit † 1952-2015

Kuerz virun der grousser Schoulvakanz huet eis ganz onerwaart déi traureg Noriicht vum Doud vum Här Pol Stanzeleit erreecht. Als professeur-architecte retraité vun eisem Baufach, huet eis do een léiwe Kolleg mat grad emol 63 Joer fir ëmmer verlooss.

Nierwt senger beruflecher Tätigkeet, wou hien eng sellegen Generatiounen un Bautechniker an Bauhandwierker ausgebildet huet, ass et awer elo och emol un der Zait, eppes mei ze zielen iwwert den ongewéinlechen Mënsch, den de Pol Stanzeleit wor.

Den Pol Ady Stanzeleit koum 1952 an der Stad ob d'Welt. Als Bouf ass hien ënnert de Stäiler um Fëschmaart ronderëm gejauft an huet do den Kënschtler an Intellektuellen nogelauschtert, déi sech an den 50 Joeren do Klensch an de Grapp gedréckt hunn. Schonns hei huet hien als „*jonken Spunt*“, wei hien géif soen, ee groussen Interessie fir d'Konscht an d'Molerei gewisen.

De Pol hat et, senger eegener Aussoe no, schonns zënter senger Kandheet net ëmmer esou einfach am Liewen. Hei woren et d' Pateren aus der Mëchelskierch déi hien dann obgefaangen hunn, wann et him emol net gutt gaangen ass. Als fläissegen Massdenger huet hien do regelméisseg d'Klacken um Fëschmaart gelaut. Een déiwen Respekt hat hien awer och fir seng Mamm, iwwert déi hien öfters mat vill Léift, Respekt an Zouneigung geschwat huet.

An senger Jugend wosst en du Ufanks net esou richteg wat aus him sollt ginn. Esou munchen Schüler wäert sech hei doran erëmerkennen, ass et dach deenen meeschten vun eis net anescht ergaangen.

Mat 18 Joer huet hien du een Studium an der Belsch ugefangen, mais et huet sech séier erausgestallt, dat dat net seng Saach wier. Ob der Sich no sengem Wee huet hien fir eng Zäit beim bekannten lëtzebuerger Architekt Robert Heintz-Sturm geschafft, den um Geesseknäppchen senger Zäit den Conservatoire de Musique gebaut huet. Dat Ongewësst ass awer du séier verflunn, wei den Pol säin eemolegen Professor den Herr Arthur Sinner erëmgesinn huet, den hien motivéiert an ënnerstëtzt huet, sech fir een Architekturstudium an der weltwäit renoméierter Hochschule für Angewandte Kunst zu Wien ze bewerben. Spéider wäert sech de Pol voller Dankbarkeet un des Ënnerstëtzung erënneren, déi hien deemools selwer krut, an mécht et dunn gläich an dem hien engem gewëssen François Valentiny hëlleft, wéi den sech fir een Studienplaz ob der Angewandte wëll bewerben. Hei ob der Héichschoul huet den Pol dat Emfeld fonnt, wat hien gebraucht huet, fir senger kënschtlerescher Natur méi no ze kommen, an seng Leidenschaft fir d'Architektur, d'Zeechnen an d'Molen auszeliewen.

Hien hat een ganz propperen Stréch an seng Tuschzeechnungen hu séier säin onverkennbar grousst Talent gewisen. Esou ass et och net verwonnerlech, dat hien als jonken Architekt beispillsweis gehollef huet, d' Perspektiven an Axonometrien fir den Rob Krier ze zeechnen. Haut wëssen mir, dat mam uschléissendem Gewënn vun dem Concours zu Berlin de lëtzebuerger Architekt Robert Krier do säin postmodernt Manifest baulech realiséieren konnt.

Awer och Wien huet déif Andréck beim Pol hannerlooss. Säin grousst architektonescht Virbild wor den Josef Hoffmann, dem säin kënschtlerescht Wierk hien geschätzt huet. Besonnesch déi architektonesch Aquarellen woren dem Pol ëmmer een Usporn un senger eegener Technik ze feilen.

An sengem Studium dogéint wor et den Professor Wilhelm Cermak, den als Professor fir Gestaltungslehre an Modellbau den Pol net nëmmen esou richtig an d'Schweessen bruecht huet, mais him och d'Calligraphie méi no bruecht huet. Jiddereen vun eis erënnert sech gären un dem Pol seng Schrëft, déi esou onverkennbar een Konschtwierk fir sech wor. Awer och déi Naupen de Schüler esou richtig ze strizen hat en sech an senger eegener Studienzäit ofgekuckt. Mam Professor Cermak huet hien eng liewenslaang Frëndschaft verbonnen, an hien huet säin Professor regelméisseg zu Wien besicht.

Den Büro *Architectes Wagener & Stanzeleit* wor dunn eng weider wichteg Etape am schaffensraichen Liewen vum Pol Stanzeleit. Eng Hällewull un Gebaier sinn Zeien vun senger Sensibilitéit, déi lokal Baukultur architektonesch ze beräicheren.

Doniewent wor et awer och säin kritescht Denken, woumat den Pol ob Mësstänn an der Gesellschaft opmierksam gemaach huet. Mat sengen bëssegen, exzentreschen Bréiwer déi hien an der lëtzebuerger Dagespress verëffentlecht huet, huet hien net gefaart, d'Fangeren an d'Wonn vun der Ongerechtegkeet ze leen. Seng Kommentaren zum schänterlechen Ëmgang mam gebauten lëtzebuerger Patrimoine um Beispill vun der Maison Berbère ob der Gare oder och säin Opruff géint d'Vergiessen vun deenen dausenden gefalenen ukraineschen Zaldoten hei fir an der Lorraine zu Boulay-Moselle, sinn charakteristesche fir dem Pol säin soziaalt an gesellschaftlecht Engagement. Mat him verléieren mir net nëmmen een „Urgestein“ vum Baufach, mais een Charakterkapp, een „druide“ wei de Pol sech selwer

gären genannt huet, den mat senger potion magique esou munch een vun eis un d'Laachen, d'Schaffen an heiansdo och un d'Kräischen bruecht huet. Mir mussen lass loossen vun engem wuertgewandten Kabarettist, dem s'én onverkennbar Laachen an der Professeschkonferenz verhaalt ass. Mir verléieren awer och een Mënsch den an sengem déifsten Häerz verletzlech wor, an zu déifst bescheiden bliwwen ass, den een einfachen Merci méi geschätzt huet wei vill Brimborium.

De Pol wor een Philantrop, huet dausenden Bicher gesammelt, wor onheemlech beliesen an huet bis zum leschten Otemzuch Biller gemolt, u sengen Memoiren geschriwen an un enger „*One man show*“ geschafft.

Seng Interessien woren vielfälteg, an goungen vum Comic „*Les trois brigands*“ vum Toni Ungerer, iwert d'Kueben vum Paul Flora, vun den Kachkensch vum Marc Haeblerlin sengem Restaurant „*L'Auberge de l'III*“ am Alsace, iwert d'Literatur vum Philippe Claudel sengem „*Le rapport de Brodeck*“ bis hin zu der Philosophie vum Konfuzius. An och un d' Schreiwen huet hien sech selwer mat vill passiou an der Pensioun gin.

Et si letzlech déi vill Facetten, déi aus dem Pol den Mënsch gemaach hu, den och emol mëssverstanen ginn ass, wann en heiansdo all ze éierlech seng Meenung sot, an sengem perséinechen Beméien, d' Welt e Stéck besser ze maachen.

Säin leschten Dram wor et nach emol architektonesch aktiv ze ginn. De Pol wollt sech eng kleng minimalistesch Behausung, een Holztuerm entwerfen, gewëssermoossen eng Variante vum Corbusier senger cabane. Hien huet eng roueg Plaz fir ze molen, ze schreiwen, ze liesen an nozedenken gesicht. Desen Wonsch konnt en sech leider net mei erfellen.

Soumat bleift eis elo no där traureger Noriicht, léiwe Pol, just nach **Merci** ze soen, fir déi vill interessant, spannend, witzeg an léierräich Stonnen, déi mir mat dir hunn dierfen deelen.

De Pol ass gestuerwen, den 01.07.2015.

Tom Schmitz